

Formation

5. & 6. Februar 2019

Sensibilisatioun fir d'EU-Walen
a fir d'Liewen als Jugendlechen an der Europäescher Unioun



Entente des Gestionnaires
des Maisons de Jeunes



Europäescht Parlament
Büro zu Lëtzebuerg



Introduktioun

De Kontext vun den Europawalen 2019 ass een aneren, wéi nach dee vun 2014. D'Europäesch Unioun steet viru groussen Erausforderungen. De Referendum a Groussbritannien an deem domat verbonnene Brexit hu gewisen, datt d'EU een direkten Impakt op eis aldeeglecht Liewen huet, an déi europäesch Iddie net incontestabel ass. Och wann d'Majoritéit vun eis d'Demokratie fir selbstverständlech hält, sou ass dës awer och ganz zerbréchlech.

Aus dësem Grond ass et wichteg, eng grouss Zuel vu Persounen ze motivéieren de 26. Mee wielen ze goen. Besonnesch déi Jonk, deenen hir Walbedeelegung 2014 prozentual am nidderegste war (Si louch bäi ca. 25% an der EU).

An dësem Hibleck ass et wichteg, déi Jonk fir déi europäesch Iddie ze sensibiliséieren, an si fir d'Europawalen 2019 ze mobiliséieren.

Am Kader vun dëser Formatioun sidd dir encouragéiert ze participéieren an är Iddien an Erfarunge mat eran ze bréngen.

1. Theoretischen Input

a. Wat sinn déi konkret Demarchë fir wielen ze goen?

Wou wielen?

- Zu Lëtzebuerg wielen
Suivéiert d'Instruktiounen um Depliant fir déi 6 Verrieder vum Groussherzogtum Lëtzebuerg am Europaparlament ze wielen.
- ODER Am Hierkonftsland wielen
Fir d'Verieder vun Ärem Hierkonftsland ze wielen, kontaktéiert är Ambassade oder äert Konsulat.

Et kann een nëmmen an engem Land wielen!

Wie ka wielen?

- Fir zu Lëtzebuerg ze wielen, musst dir:
 - Den Dag vun de Walen (de 26. Mee 2019) 18 Joer hunn
 - Ären Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn an dee Moment, wou Dir d'Demande fir d'Aschreiwung an d'Wielerlëscht gemaach hutt, hei gewinnt hunn
 - Iech bis den 28. Februar 2019 um 17 Auer a d'Wielerlëscht aschreiw
 - Net wielen dierf een, wann een d'Wahlrecht vum Riichter ofgesprach kritt huet, an et därf ee keen Tuteur hunn.

D'Lëtzebuerger stinn automatesch op de Wielerlëscht!

Wéi kann een sech fir d'Europawalen aschreiw?

- Perséinlech bei Ärer Gemeng
 1. Presentéiert är Carte d'Identité oder äre Pass
 2. Fëllt d'Dokumenter, déi d'Gemeng zur Verfügung stellt, aus (präziséiert d'Nationalitéit, de Gebuertsdatum, de Gebuertsuert, asw.).
- ODER Online op Guichet.lu
 1. Gitt op www.guichet.lu/inseu a maacht d'Demarche mat ärem LuxTrust-Produit.
 2. Fëllt d'Demande aus, ënnerschreift se a schéckt se fort.

Bis den 28. Februar 2019 um 17 Auer!

Weider Infomatiounen an een FAQ op:

<http://www.jepeuxvoter.lu>

<https://jepeuxvoter.public.lu/fr/faq.html>

Eng detailléiert Duerstellung vun den Demarchen an Instruktiounen fannt dir op dësem Flyer an 10 Sproochen :

<https://jepeuxvoter.public.lu/dam-assets/publications/jepeuxvoter-2019-flyer-web.pdf>

Bréifwahl

D'Wieler déi op de Wielerlëscht stinn, kënnen och per Bréifwahl un den Europawalen deelhuele. Dofir muss är Gemeng informéiert an eng Demande gemaacht ginn. Virgefäerdgt Formulaire fannt dir um Site vun ärer Gemeng.

Eng Demande kann och elektronesch iwwert myguichet.lu gemaacht ginn.

<http://luxembourg.public.lu/de/le-grand-duche-se-presente/systeme-politique/systeme-electoral/europeennes/index.html>

<https://guichet.public.lu/fr/citoyens/citoyennete/elections/elections-europeennes/vote-correspondance-elections-europeennes.html>



b. Wourëms geet et bäi den Europawahlen?

Am Europaparlament ginn et de Moment 751 Deputéierter, dovunner 6 aus Lëtzebuerg, déi 512 Milliounen Leit an den 28 Memberstaaten representéieren. Wéinst dem Brexit ginn 2019 705 Deputéiert gewielt, déi da 27 Memberstaaten vertrieden wäerten. Bei den Europawahlen vum 26. Mee 2019 zu Lëtzebuerg wäert Dir direkt Är Vertrieder, déi Är Interessien an den nächste 5 Joer vertreten.

Am Géigensatz zu de Chamberwahlen, bäi deene Lëtzebuerg a 4 Walkreeser ënnerdeelt ass, gëtt et bäi den Europawahlen just en eenzege Walkrees.

D'Eenzelheete vum Wahlverfahren ënnerleien der jeeweileger nationaler Legislatioun a kënnen vun de Memberstaaten nach ofgeännert ginn. Sou hu verschidde Länner eng Wahlflicht, een ënnerschiddlecht Mindestalter oder et gëtt op verschiddenen Deeg gewielt, z.B. den 23. Mee, de 24. oder de 26. Mee.

Déi lescht Europawahlen 2014 waren déi gréisste landesiwweigräifend Wahlen, déi jeemools zur selwechter Zäit ofgehale gouf. Dës Kéier steet ganz vill um Spill, ëmsou méi wichteg ass et, wien ze goen, a mat ze entscheeden, wéi Europa an de kommende Joer ausgesi soll.

D'Europawahlen hunn een direkten Impakt op äert Liewen. Bäi den Europawahlen entscheet sech, wéi d'EU an deenen nächste Jore mat äre Suergen a Wënsch am Hëllef op Jugendpolitik, Aarbecht, Sécherheet, Migratioun oder Klimawandel ëmgoe soll.

Wichteg ass och, net nëmme selwer wien ze goen, mee och anerer ze mobiliséieren, de 26. Mee un den Europawahlen zu Lëtzebuerg deelzehuelen.

<http://www.europarl.europa.eu/at-your-service/de/be-heard/elections>

Interessant Fakten an Zuelen iwwert d'Parlament an d'Europawahlen fannt Dir op:

[http://www.europarl.europa.eu/RegData/etudes/BRIE/2018/614733/EPRS_BRI\(2018\)614733_DE.pdf](http://www.europarl.europa.eu/RegData/etudes/BRIE/2018/614733/EPRS_BRI(2018)614733_DE.pdf)

<http://www.europarl.europa.eu/news/de/press-room/elections-press-kit/1/fakten-und-zahlen-zur-europawahl>

<http://www.europarl.europa.eu/elections2014-results/de/turnout.html>

<http://publications.europa.eu/webpub/com/eu-and-me/de/index.html>

c. Droit de Vote

Den Droit de Vote gehéiert zu de politeschen Grondrechter an ass d'Fundament vun eiser Demokratie. D'Wahlrecht soll sécherstellen datt d'Souveränitéit vum Vollek preservéiert gëtt.

D'Wahle sinn eng Form vu politescher Participatioun vun de Bierger, an déngen dozou de Wëlle vum Vollek ze ermëttelen. D'Gemeinsamkeete vun demokratesche Wahle leien am : allgemengen Droit de Vote, an der Egalitéit vu jiddwer Stëmm, am Secret vun der Votatioun, sou wéi an der offener Competitioun vun de politesche Parteien.

D'Wiele gehéiert zu de gesamtgesellschaftlechen Aufgaben a Flichte wéi och d'Bildung, d'Inclusioun oder déi sozial Cohésioun.

Den Droit de Vote gouf de 26. Oktober 1919, also virun 100 Joer, a Lëtzebuerg agefouert. Virdru gouf et scho Wahlen, mee et war Zensuswahlrecht, d.h. et duerfte just Leit wielen, déi eng bestëmmten Zomme vun Taxe bezuelt hunn. En plus konnte just Männer wielen. 1919 gouf dat allgemengt Wahlrecht agefouert, d.h. onofhängeg vum Geschlecht, a jiddereen deem ab dem Moment 21 Joer hat, huet un de Walen dierfen deelhuelen.

<http://luxembourg.public.lu/de/le-grand-duche-se-presente/systeme-politique/systeme-electoral/droit-vote/index.html>

<https://www.youtube.com/watch?v=vt3OpfbfNxA&list=PLbeAt6DEPHNVLx3a24mOn8oYlt21VQsfH>



d. Parteien, Parteiprogrammer a Kandidaten

Nofolgend fannt dir eng Lëscht mat de Parteien, déi bäi den Europawahlen 2019 zu Lëtzebuerg untriede wäerten.

- Alternativ Demokratesch Reformpartei
ADR (Parti alternatif et démocratique de réformes)
- Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei
CSV (Parti chrétien-social)
- déi gréng (Les Verts)
- déi Konservativ (Les Conservateurs)
- déi Lénk (La Gauche)
- Demokratesch Partei
DP (Parti démocratique)
- Fräi Sozial Alternativ
FSA (Alternative libre social)
- FRÄI WIELER (Électeurs libres)
- Kommunistesch Partei Lëtzebuerg
KPL (Parti communiste luxembourgeois)
- Lëtzebuerger Sozialistes Aarbechterpartei
LSAP (Parti ouvrier socialiste luxembourgeois)
- Partei fir Integral Demokratie
PID (Parti pour la démocratie intégrale)
- Piratepartei (Parti pirate)
- Sozialliberal Partei Lëtzebuerg (Parti social libéral Luxembourg)

D'Lëscht mat de Kandidaten an de Programmer vun deenen eenzele Parteien fannt dir op folgendem Site, enger Campagne vum Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région.

<https://jepeuxvoter.public.lu/fr/candidats-et-programmes.html>

e. Wisou een un den Europawahlen deelhuefen soll

Dat Europäescht Parlament huet an deene leschte Joer vill ënnerholl, fir verschidden Aspekter am Liewe vun de Bierger an der EU ze verbesseren. Op de folgende Säite fannt dir eng Rei Grënn, déi dozou ureegen sollen, de 26. Mee wielen ze goen, a ganz konkret Beispiller déi weisen, wat fir een Afloss d'EU op den Alldag vun hire Bierger huet.

Dës Beispiller kënnen als Ureegung genotzt ginn, déi Jonk ze sensibiliséieren

<http://www.europarl.europa.eu/because/de/home.html>

<https://www.what-europe-does-for-me.eu/>

<https://jepeuxvoter.public.lu/dam-assets/publications/jepeuxvoter-2019-flyer-web.pdf>

<http://www.europarl.europa.eu/at-your-service/de/stay-informed/citizens-app>



f. Erausfuerderungen a Sujeten déi fir Jonker relevant sinn

Jonk Mënsche waren an der Vergaangenheet vu schlechte politeschen Entscheedunge besonnesch betraff. Et sinn si, déi als éischt ënnert de Konsequenze vun der Wirtschaftskris gelidden hunn. Déi aktuell Generatioun vu jonke Mënschen an Europa ass déi éischt Generatioun, déi ënnert manner favorable Konditiounen liewe wäert, wéi hir Elteren.

Prekär Aarbechtsverhältnisser, Manktem u bezuelbarem Wunnensraum, psychesch Gesondheetsproblemer si fir vill jonk Mënschen an Europa eng alldieglech Realitéit. Si sinn ëmmer méi konfrontéiert mat Barrièren déi hinnen den Zougang zu hire Rechter an d'Participatioun u gesellschaftleche Prozesser erschwéieren. Ënner dëse Konditiounen ass et fir Jonker net sou einfach, sech fir Politik ze begeeschten oder sech selwer politesch ze engagéieren. Hir Prioritéiten a Gedanke leien heefeg dach wou aneschtens. Deemno huele Jonker an Europa och ëmmer manner u Waleen deel. Dëst kann dozou féieren, dat hier Interesse vun der Politik manner wouer geholl ginn an hir Virstellungen a Wënsch an den Hannergrond réckelen. Et ass awer wichteg, de Jonken nozelauschteren, an op hir Froen a Besoin'en anzegoen, well soss fannen si hir Äntwerte bäi de Populisten.

Zentral Sujeten déi fir Jonker relevant sinn, an Iddie mat den Erausfuerderungen ëmzegoen, fannt dir am Dokument op folgender Säit :

<https://www.youthforum.org/fr/elections-europeennes-2019-10-idees-pour-les-jeunes>

https://www.youthforum.org/sites/default/files/publication-pdfs/0142-18FR_EP2019_Policy_Platform_FINAL.pdf

g. Wéi kann een sech als Jonken / JugendarbechterIn / Bierger an Europa abréngen ?

2. Methoden a Ressourcen

a. Methodenbox Europa

Ënnert folgendem Link fannt dir eng Methodebox mat enger Panoplie u verschiddene Methoden an Übungen, déi am Kader vun der Aarbecht mat Jonken ëmgesat kënne ginn, an déi eng europäesch Dimensioun erliewbar maachen.

Et handelt sech heibäi ëm Warming up a Kenneléieraktivitéite bis hin zu méi komplexe Simulatiounsspiller, déi iwwert puer Stonnen daueren.

En plus gëtt et d'Méiglechkeet är eegen Aktivitéiten an der Datebank ze integréieren.

<https://www.jugendfuereuropa.de/fortbildungen/methodenbox/>

Iwwerdeems fannt dir an der Broschüre "BAUSTEINE: Europa sind wir! Methoden für die europapolitische Jugendbildung" weider jugendgerecht Methoden déi am Hiblück op d'Vermëttlung vun europäeschen Themen a fir d'Sensibiliséierung fir den europäesche Gedanken agesat kënne ginn.

https://www.lpb-bw.de/fileadmin/lpb_hauptportal/pdf/Europasindwir.pdf

b. Virstellung vu Plattformen a Campagnen déi fir d'Sensibiliséierung fir europäesch Themen an d'EU-Walen a Fro kommen

Internetsäiten

<http://publications.europa.eu/webpub/com/eu-and-me/de/index.html>

<https://elections.public.lu/fr.html>

Social Media

<https://www.youtube.com/channel/UC9Xk70I3Tt0Uq2UxRZxgMWA>

Audio & Video & Literatur

<https://www.youtube.com/watch?v=ODPRjs04CyM>

https://www.youtube.com/watch?v=ycssFh0oBQ0&index=7&list=PLH_43lu1_0iV9cb0Sb_rSsqAoJGOODm29

<http://www.bpb.de/shop/buecher/schriftenreihe/261883/handbook-with-methods-for-workshops>

<https://www.youtube.com/watch?v=vt3OpfbfNxA&list=PLbeAt6DEPHNVLx3a24mOn8oYlt-21VQsfH>

Spiller

https://zpb.lu/pedagogical_cpt/dag-x-jeu-des-elections/

<https://kahoot.com>

http://ec.europa.eu/budget/explained/myths/myths_en.cfm

<https://de.actionbound.com/?setlang>

Wann dir eegen Inhalter hutt, déi fir d'Sensibiliséierung fir europäesch Themen an d'EU-Walen a Fro kommen, da kënnst dir dës gären ënner folgendem Link deelen:

https://yourpart.eu/p/EU_FORMATIOUN



De Reader an digitaler Form fannt dir op:
<http://www.egmj.lu/lb/eu-walen/>



Notizen:

[illegible]

